

REÇU
Par Aiff Christian, 13:23, 08/06/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 8. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Medieminister, den Här Bausseminister, den Här Minister fir Digitaliséierung an un den den Här Minister fir Ekonomie an d'Post weiderzeleeden.

Wat d'5G-Technologie ugeet, do stellen sech aktuell nach ëmmer vill Froen, dorënner och Bedenken déi ekonomescher Natur sinn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 1431 vum 05. November 2019 huet d'Regierung folgendermoosse geäntwert:

Wéi stellt sech d'Regierung zu enger eventueller Bedeelegung vu chineseschen Entreprises um 5G-Reseau zu Lëtzebuerg? Gesäit d'Regierung de Risiko vun enger chinesescher Spionageaktivitéit zu Lëtzebuerg iwwert de Wee vun enger Bedeelegung un neien, technologesche Schlësseliichtungen? Gëtt de Sécherheetskrittär en Element bei de Konditiounen fir Operateuren zouzeloossen, déi Frequenze steeë wëllen? Gëtt et eng Lëscht vun Drëttlänner (net-EU ader net-NATO), déi daerfen um Projet SG bedeelegt ginn, respektiv, déi dat net daerfen?


Am Moment plangt d'Regierung keng konkret Schrëtt fir den Asaz vun Technologien aus gewësse Länner am Kär vum Netzwierk ze verbidden. Sollten sech awer nei corroboréiert Fakte presentéieren, da gët eng Reevaluatioun virgeholl.

De Sécherheetskriter muss am Prinzip net un d'Stee vun de Frequenze gekoppelt gin. Den aktuelle legale Kader fir d'Bedreiwe vun elektronesche Kommunikatiounsnetzer an -dëngschter gesait schons Measure vir, déi d'Sécherheet an d'Integritéit vun den Netzer an Dëngschter cadréieren. Dës Moosname muss vun all Bedreier garantéiert ginn, onofhängeg aus wéi engem Land d'Entreprise kommen mat deenen de jeweilige Bedreier zesummeschafft fir Kommunikatiounsnetzer an -dëngschter unzebidden.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Geet den Opbau vum nationale 5G Reseau esou viru wéi geplangt? Gëtt et nei Exigenzen am Beräich vun der internationaler Sécherheet an Onofhängegkeet?
2. Wéi eng Entitéiten aus wéi enge Länner däerfen un der Stee vu Frequenzen deelhuefen? Si verschidde Staaten oder Entreprisë vun dëser Stee ausgeschloss?
3. Wat fir en Impakt hunn déi ëmmer méi komplizéiert Relatiounen tëscht USA a China, an och der EU a China, op d'5G Technologie, speziell och hei zu Lëtzebuerg?
4. D'COVID-Kris huet gewise wéi wichteg zouverlässeg Reseau mat grousser Capacitéit fir onst Land sinn. Den Homeschooling, d'Telearbecht an aner Facteuren hunn dat däitlech bewisen. Wéi séier gëtt de Reseau vun optesche Fiberen ausgebaut? Wéi ass den aktuelle Kalenner? Ginn 100% vum Territoire duerch d'Post ofgedeckt fir de Service *Public* am ganze Land ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2346 du 08.06.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser -
Réseau 5G au Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois
afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés